

# WANDROUS

LIONS BLEUS  
Ausgab N°377  
MEE-DEZEMBER

## WANDROUS

Redaktion: Cheffenekipp LBB  
Respo fir den Drock & Verschécken: LBB  
Exemplaires: 230  
E-Mail: [wandrous@lionsbleus.lu](mailto:wandrous@lionsbleus.lu)

## LIONS BLEUS

Infos générales: [cg@lionsbleus.lu](mailto:cg@lionsbleus.lu)  
Location chalet: [location@lionsbleus.lu](mailto:location@lionsbleus.lu)  
Compte Groupe LBB:  
CCPL IBAN LU82 1111 0498 5493 0000



## FNEL RO-QUIZ ,WinterGames20'



UP TO DATE MAT DER WANDROUS !

Lies d'Wandrous an entdeck Neigkeeten aus der Welt vun den Lions Bleus.



# LES AMIS DES LIONS BLEUS



Erënners och DU dëch un déi Camp'en, déi sëch herno als mémorabel erausgestallt hun, un d'Aktivitéiten wou's DU dëch herno gefroot hues, wéi daat méiglech wor, schwätz och DU haut nach all kéiers iwwer déng Scoutszäit wanns de een vun déngen aalen Scoutsfrënn erëmgesais?

Bass och DU frou dat déng Kanner an den Scouten sinn, an schmunzels DUnët heiansdo wann déng Kanner no enger Aktivitéit, dreckeg an midd, mee mat blénkegen Aan verzielen waat Sie Alles zesummen um Camp erliewt hun? Bass DU nët heiansdo eng Grimmel melancholësch dat's DU mat dénger Scoutszäit oofegschloss hues, oder einfach aaner Weeër gaang bass?

Bedenk dat während dénger Scoutszäit Cheffen do waren déi sëch ëm dëch gekëmmert an gesuergt hun, an elo sinn nach émmer Cheffen do, déi sëch ëm déng Kanner këmmeren an suergen. Dat d'Home énnerhaal, gebotzt, vergréissert ginn ass an nach émmer zu 100% genutzt gët.

Vun all Scoutsgeneratioun hun sëch der e puer dozou entscheed Responsabilitéit ze iwwerhuelen, an wieder un dem Scoutswee ze bauen deen virun iwwer 100 Joér vun Brownsea aus an déi ganz Welt erausgebaut ginn ass.

Wëlls och DU dat d'Scouten weider bestoën bleiwen kënnen an dat weiderhin d'Kanner an Jugendlecher ausgebild, an op hieren Liewenswee viirbereed ginn?

## Dann zéck nët an gëff elo direkt Member vun den „Amis des Lions Bleus“

D'Amis des Lions Bleus bestinn zum Deel aus aktiven wéi inaktiven Memberen, mee och aus Elteren, Frënn an Bekannten, déi ALL een gemeinsamt Ziel hun: D'Weidergoën vun den Lions Bleus ze garantéieren. Och wann ee Deel vun deenen Memberen weiderhin am Hannergrond fir de Groupe aktiv sinn, verhënneren Sie awer Allegueren mat hieren Don'ën, dat déi aktuell an déi nächst Cheffengeneratioun nët duerch Geldsuergen vun hierer Haaptcharge oofgelenkt ginn.

D'Amis des Lions Bleus sinn Lèit déi nët wëllen, nët kënnen, keng Loscht oder einfach keng Zait méi hun fir sëch aktiv bei den Lions Bleus ze engagéieren, an dowéinst dem Groupe op eng onkomplizéiert an extrem efficace Manéier hëlfen, duerch regelméisseg Don'ën.

D'Kapital waat esou am Laaf vum Joér zesummen kënnnt gët vum Comité de gérance verwalt, d'Konten stinn fir Jiddereen op, an ginn wéi all Joér op der Assemblée générale veröffentlicht.

**Dofir énnerstëtz och DU ons w.e.g.**

mat engem Ordre permanent\*

**vun 5,00€ / 10,00€ / 15,00€\*\* pro Mount**

op onsen CCPL: LU82 1111 0498 5493 0000

mat der Mentioun „Les amis des Lions Bleus + Numm oder Anonyme“

\*fir onsen Budget besser kënnen opzedeelen zéihen mir fir regelméisseg en klengen Bäitrag ze kréien, esou kënnen mir mat an op een „revenue“ zielen, an domadder rechnen. No Ënnen an Uëwen sinn keng Limiten gesaat.

Natiirlech freen MIR ons iwwert en eemolegen oder regelméisseg Don !

\*\*Mir sinn der Meenung dat eng kleng an regelméisseg Finanzsprëtz villaicht méi liicht ze verkraften ass

Vun 15,00 Euros pro Mount un, sinn selbstvertsändlech Memberskaart/Wandrous natiirlech gratis!

Wéi's DU an zwëschenzäit konns feststellen sinn eng ganz Rei vun Memberen an Frënn nach émmer mat Freed dobai!

Hinnen sief vun hei aus een Décken MERCI gesoot !

# WANDROUS PUBLICLÉIT



THERMAREST



maloja



patagonia



icebreaker



## Waat brauchs DU fir Geld ze spueren? \*

Loscht op gudd Scoutsmaterial an op eng exellent Beroodung?

DU hues eng gütleg Memberskaart vun den LIONS BLEUS!

Dann ass hei Adress fir dëch:

**VIKING-ADVENTURES zu Tréier!**

Paulinstrasse 25 D-54292 Trier



d'LIONS BLEUS  
kaafen beim  
**VIKING-ADVENTURES !**

\* DU kriss op ALL Artikel 10%  
Ermässegung,  
wanns DU déng gütleg Lions Bleus  
Memberskaart firweisen kanns !!!



[www.viking-adventures.de](http://www.viking-adventures.de)

# CHEFFEN 2020-2021

## Simply present LBB-STAFF for 2020-2021:

Léif Elteren,

Dëst sinn dèi Jugendläch (an manner Jugendläch) deenen Dir Är Kanner roueg kënnt unvertrauen. All d'Branchen-Cheffen hun déi Formatioun gemaach dèi vun der FNEL verlaagt gët fir kënnen Chef an deenen verschidden Branchen ze sinn. E groussen Deel vun den reschtlechen Responsabelen sinn am gaangen hier Formation ze maachen. Sie genéissen daat voll Vertrauen vum Comité.

Zéckt nüt fir Sie ze kontaktéieren wann Dir Froën hudd oder zousätzläch Informatiounen braucht.



### Chef de Groupe / Assistants Chefs de Groupe:

FLAMMANG Adrien (Bagheera)  
ENGLEBERT Lara (Spitzki)  
HEINEN Catherine (Kaa)  
FISCHER Manon (Tamia)

### Contacts:

Allgemeng E-Mail: [cheffen@lionsbleus.lu](mailto:cheffen@lionsbleus.lu)  
just Chef de Groupe: [cg@lionsbleus.lu](mailto:cg@lionsbleus.lu)



### BEAVER (BV)

FLAMMANG Raphaël (Hawky)  
VINANDY Liana (Barry)  
FRISCH Danie (GriGri)  
SCHEFFEN Fedora (Foxi)  
ORELLANA Ruben (Reebou)

### Konto:

Les Lions Bleus - Beaver  
> BCEE: IBAN LU91 0019 4955 9097 0000

Allgemeng Email: [beaver@lionsbleus.lu](mailto:beaver@lionsbleus.lu)



### MEUTE (LX)

FLAMMANG Adrien (Bagheera)  
HEINEN Catherine (Kaa)  
FRANTZ Anne-Marie (Tschill)  
ENGLEBERT Lara (Spitzki)  
RODESCH Jasmine (Matka)  
HAUENSTEIN Tasha (Ikki)

### Konto:

Les Lions Bleus - Meute  
> BCEE: IBAN LU56 0019 4955 9099 1000

Allgemeng Email: [meute@lionsbleus.lu](mailto:meute@lionsbleus.lu)



### TROUPE (SG)

LAMAMRA Harry  
MAJERUS Ketty  
PEPIN Cédric  
PIRON Aleksis

### Konto:

Les Lions Bleus - Troupe  
> BCEE: IBAN LU65 0019 4955 9100 5000

Allgemeng Email: [troupe@lionsbleus.lu](mailto:troupe@lionsbleus.lu)



### EXPLORER (EX)

MAJERUS Max  
FLAMMANG Raphaël

### Konto:

Les Lions Bleus - Explorer  
> BCEE: IBAN LU30 0019 4955 9102 6000

Allgemeng Email: [explorer@lionsbleus.lu](mailto:explorer@lionsbleus.lu)



### ROVER (RO)

HEINEN Nora (Quagga)  
SCHMITT Lena (Inia)  
  
Email: [rover@lionsbleus.lu](mailto:rover@lionsbleus.lu)



### TEMBO (TB)

SCHMITT Lex (Atra)  
FISCHER Manon (Tamia)  
  
Email: [tembo@lionsbleus.lu](mailto:tembo@lionsbleus.lu)

# ASSEMBLEE GENERALE - LES LIONS BLEUS



De Verwaltungsrot vu Lions Bleus Bouneweg a.s.b.l. huet d'Éier lech op eis alljährlech ordinär Generalversammlung ze invitéieren. D'Versammlung fënnt statt

Den 23. Januar 2021  
um 19h00

am Home FNEL, Fettschenhaff,  
61a Rue de Trèves  
L-2630 Luxembourg

## D'Diskussiounen fokusséieren op folgend Agenda:

- Begréissung vum President
  - Rapport vun der leschter Generalversammlung vum Sekretär
  - Rapport fir d'Finanzjoër 2020 vum Trésorier
  - Bericht iwwer d'Finanzjoër 2020 vun den Keesseréviseuren
  - Presentatioun vum Budget 2021
  - Ernennung a Bestëmmung vun de Keesseréviseuren fir d'Joer 2021
  - Rapport vun den Aktivitéité vum Scoutsjoër 2020
  - Erneierung vum Verwaltungsrot fir d'Joër 2021
  - Ofstëmmen iwwer d'Ännérunge vun de Statute vun der ASBL. \***
- (Wann fir de Vote, d'AG net zwee Drëttel vun den erfuerderte presente Memberen zesummeckritt, gëtt eng extraordinär Generalversammlung direkt no der AGO gemaach)
- Verschiddestes a Gemëschtes

\* Ännérung vun den Statuten a Procuratioun verfügbar op eiser Websäit [www.lionsbleus.lu](http://www.lionsbleus.lu).

“ Léiwe Member, Léiw Frënn, Léiw Elteren,

*Et ass wichteg, dass mir als Groupe an als ASBL weider mat der Zait ginn, sief et en neien Internetsite, eng nei Charte Graphique oder d'Erneieren an d'Moderniséiere vun eise Statuten.*

*Vir eis als Verain vill Prozeduren méi einfach ze maachen, wölle mir énner Anerem de Quorum vir Décisiounen änneren.*

*Vir awer heihinn ze kommen an de Quorum vun Zwee Drëttel vun eiser Memberschaft an der AG ze erfëllen, biede mir iech, un eiser AG deelzehuelen oder d'Procuratioun en Annexe auszefüllen, an därf dir dem Grizzly (Patrick Majerus) d'Recht gidd an Ärem Numm ofzestëmmen. D'Ännérung vun den Statuten an d'Procuratioun ass och verfügbar op eiser Websäit.*

*D'Procuratioun kënnt dir zeréckschécken*

*per Mail op [comite@lionsbleus.lu](mailto:comite@lionsbleus.lu) oder*


*per Post op **Les Lions Bleus asbl, BP 23, L-5801 Hesperange***

*Et geet némmen wann mir all zesummen un déser Saach schaffen!*

*Dowéinst soë mir iech am Numm vum ganze Groupe Merci vir un désem Vote a Präsenz oder per Dekret deelzehuelen.*

”

De Verwaltungsrot



## „Der Berg ruft“

Jo ét ass erëm esou wäit, och dës Scouts-Joër fueren MIR nees an Techuana. Du frees dëch also schons drop ouni Elektrësch, Heizung an fléisséed Waasser zeliewen, op Natur Pur, e puer flott Deeg op der Skipist ze verbréngen, dëch verwinnen ze loossen an der Piscine/Sauna, einfach Wanderen ze goën oder e Buch ze lesen bei schurrender Gazluucht an nët ze vergiessen d'Rodelen oder onsen Remake vum sensationellen Erlebniswanderweg? Dann ass daat genee daat Richtegt fir Dëch!  
Mell dëch schnell un, well du wees jo >D'Plaatzen sinn limitéiert!!!

**Wien duerf mat:** Jiddereen deen bis den 1.09.2020 > 14 Joër kruut !!!

**Start:** Freidesowes, den **12.Februar 2021** um 18h30 beim Home vun den Lions Bleus

**Zerëck:** Sonndesmoies, den **21.Februar 2021** um 11h00 beim Home vun den Lions Bleus  
**> Falls émsetzbar ! Den Datum kann nach änneren falls Vakanz 2 Wochen wier !**

**Präiss:** **380 € / 575 €**

Daat heescht 380 Euros fir Transport, lessen, Sauna/Schwämm & déi Léit déi Ski fueren, mussen nach 195 Euros fir den Skipass bezuelen.

### Am Kloertext elo:

Basic-Pack (Programm, Transport, lessen, Schwammen...) --> bezuelen 380 Euros.

Basic-Pack & Skipass (mat eegenem Skimaterial) --> bezuelen 575 Euros.

(Hues du keen eegent SkiMaterial, kriss du an der Elterenversammlung weider News wèi's de daat solls maan...vue-que dat d'Lounen vun Dësem hei zu Lëtzebuerg mèi gënsteg ass ewèi sur place an Eisterraich)

D'Geld ass ze iwwerweisen op den BCEE IBAN LU83 0019 4955 9103 3000 „Les Lions Bleus - Rover“  
>>> bis spéidstens den 1.02.2021 mat der Mention "Techuana 2021 & Numm vum Participant".

**Täschegeild:** dëst Joër ginn och **50 €** duer :)

**Material:** (waarmen)Schloofsaack, waarm Kleeder, Wanterjacket, Skibox, 2 puer Hännschen, Mutz & Schaal, Turnschlappen, déck Schong, Schwammsachen (fir d'Sauna an d'Piscine), Wächsachen, Bidon, Tächenluucht, komplett Wanteruniform, e klengen Rucksack (fir mat an den Auto mat déngen perséinlechen Saachen & fir an d'Schwämm), ...

**Elterenversammlung:** Fir déi Leit déi mat ginn ass **Versammlung obligatorësch!!!**

Dës ass 1x Méttwochs am Home vun de Lions Bleus > De genee'n Datum kriss DU nach matgedeelt.

Hei gëss du gewuer wèi den Camp wärt ooflaafen an du kriss och dän perséinlechen Dossier wou Kopien vun dëngem Pabèieren dran kommen, mat der Fiche Médicale an enger Apaacklëscht.

D'Souche muss du schnellstens oofginn sinn, well soss bass Du nët offiziell ungemëllt!!!

SOUCHE - SOUCHE

Ech ..... erlaaben mèngem Scout, Explorer, Rover, Tembo


..... mat um TECHUANA-Wantercamp 2021 (12.-21.02.2021) deelzehuelen.

D'Souche ass sou schnell wéi méiglech bei déngem

Chef oofzegin, **well d'Plaatzen sinn op 20 Lèit limitéiert !!!!!**

Datum&Ënnerschrëft .....

SOUCHE - SOUCHE



# MOWGLICA FNEL



Wéi der wësst, feieren d'Wellefcher vun der FNEL 2020 hir 100 Joer. Dofir sollt am Summer e grousse Camp "De Mowglica" stattfannen. Leider huet dee misste wéinst där spezieller Situatioun op 2021 verréckelt ginn. Mee komm mir gesinn et positiv, lo kënne mir eis émsou méi op deen nächste Summer freeën ;)

## CAMP 20-26.07.2021 zu Déifferdeng (Woiwer Schoul)

Looss dir op keen Fall d'Chance entgoën fir mat dobäi ze sinn fir während 7 Deeg mat all déngen Kollegen aus de Wellefcher 7 flott Deeg ze verbréngen. Mir wäerte spiller, fuerschen, entdecken an natierlech zesummen de grousse Gebuertsdag feieren  
-> Mell dech also séier un per Unmelldung Souche. Dës ass eranzeschécken op meute@lionsbleus.lu bis den 10.01.2021.

### De Präiss vum Camp bleift bei 175€.

Iwwerweis den 1.Acompte vun 50€ (net remboursabel) bis den 20.01.2021 op de Konto: Les Lions Bleus - Meute (BCEE IBAN LU56 0019 4955 9099 1000) mat der Mention: MOWGLICA21 & Numm vum Kand.

Heimat mellen ech .....

gär mäin Wellefchen ..... un fir  
mat op den MOWGLICA 2021 vun der FNEL matzegoën.

Énnerschrëft: .....

# **CORSU 2020~~2021~~**

**30.Juli 2021 - 22.August 2021**

Heimat bass DU invit  ert d  sen Summer

bei enger n  chst Episode vun eisen traditionnellen Gruppecamp'en matzego  n.

No villem verzielen iwver zuletzt grouss Gruppenaventuren ... an Portugal, Griechenland, Corse, an zuletzt an den Pyren  en..., fueren d'Lions Bleus fir 3 Wochen an d'Corse

DU bass interess  ert fir matzego  n? Dann iwwerlee n  t ze laang an maach d  ch bai,

> well d  st ass eng emoleg Chance & Exp  rienz.

!!!! PLAAZEN sinn LIMIT  IERT !!!!!



## Fir wien ?

Jiddereen kann mat, deen aktiv ass & s  ch fit genuch  
fillt d  s Rees op s  ch ze huelen  
>>> Scouten ab 14 Jo  r ...

## Pr  iss ?

Acompte 1:

**+/- 1'100 €**

200 €, non remboursable op: Les Lions Bleus-Rover  
(BCEE IBAN LU83 0019 4955 9103 3000) mat der  
Mention: CORSU2021 & Numm vum Participant

## Ugemellt bass DU r  ischt wann

d  ng Souche & Paiement vum Acompte 1 bis den 30.01.21 ukomm sinn!

>>> Provisor  sch Unmelldung per mail un [corsu2020@lionsbleus.lu](mailto:corsu2020@lionsbleus.lu)

## DU hues awer lo schon direkt eng Fro?

>>> Dann stell s   ganz einfach per mail un: [corsu2020@lionsbleus.lu](mailto:corsu2020@lionsbleus.lu)

## Gesicht ginn nach?

Minibus(er) fir deen Z  itraum /// Sponsoring an irgendetw  r Form, wells de eis

w  lls   nnerst  tzen, ma dann mell d  ch bei eis...MIR g  ifen eis fir ALL

  nnerst  tzung freen : >>> VILLMOLS MERCI elo schon am viraus vun der CORSU-Crew

**Den motiv  ierten CORSU-CAMP-STAFF  
:) :) :)**

- - - 2021 2021 2021 - - - Grousse Lions Bleus SummerCamp - - - 2021 2021 2021 - - -

Heimat erlaaben ech ..... m  ngem Scout/Explorer/Rover/Tembo  
..... um Summercamp 'CORSU 2021' deen an der  
CORSE stattf  nnt vum 30. Juli 2021 - 22. August 2021 vun dem Grupp Les Lions Bleus  
deelzehuelen.

Datum &   nnerschr  ft vum Responsabelen: .....



# BEAVER CHALLENGE (BV)

## Moien Beaver ...

Bei der folgender Säit handelt ét sëch èm eng Akaafslëscht fir an den Bësch.

Dir musst déi folgend Objets am Bësch fannen an vun ALLEM eng Foto maachen an eis anchecken op: [beaver@lionsbleus.lu](mailto:beaver@lionsbleus.lu)  
->> Betreff: Beaverchallenge & Numm vum Kand

### WICHTEG:

Dir musst op all Foto mat drop sinn.

D'Beaver respektéieren d'Natur, mir rappen also naicht aus dem Buedem oder vun den Beem !!!

Et geet drëms fir déi Challenge sou séier wéi méiglech ze erfëllen.

>>> Den Gewënner wäert vun den Beavercheffen kontaktéiert ginn. Mir freeën eis op är Fotoen!






Beaverklack :

Hawky,GriGri,Reebou,Barry&Foxi



**Cactus**

AkaafsLëscht:



# WËLLEFCHER CHALLENGE (LX)

## Kreuzworträtsel

### HORIZONTAL

01. Waat fir een Déier ass de Bagheera ?
02. Waat ass mat der "rouder Blumm" an der Jungelbuchgeschicht gemengt ?
07. E Wöllefchen ass e gudden \_\_\_\_\_?
08. Wéi muss dir iech opstellen wann den Chef daat héiten möcht ?



11. Waat fir e Badge ass daat héiten ?




06. Wéi heescht de groussen Fielen wou sech d'Meute an der Jungelgeschicht tréfft ?
09. Mat dësem Sproch huet de Mowgli sech am Dschungel ze erkenne ginn, mee waat fehlt ? Ech an du an du an ech, mir si vum selwechte \_\_\_\_\_

### VERTIKAL

13. Waat heescht deen doten Signe de piste ?



03. Niervt engem Bic, Block, Nuesschnappecher an engem Stéck Ficelle, waat fehlt nach bei de 5 Saachen vum Wöllefchen ?
04. Waat fir een Déier ass Tabaki ?
12. Waat heescht daat héiten ? XSIVHXSGWZT
05. An waat fir engem Land spillt Geschicht vum Mowgli ?
10. Wéi heescht d'Scoutsfédératioun wou mir als Lions Bleus och dran sinn ?



LéisungsWuert:

1	2	3	4	5
---	---	---	---	---

# RAPPORT Techuana | ab SCOUTEN (SG/EX/RO)

ginn. Déi aaner wichteg Aufgab déi mir maachen missten ass den Schlauch ze leen fir dass mir iwwerhaapt fléissend Waasser zur Verfügung haaten. Nodeems mir déi Saachen aus dem Wee haaten, hunn mir dann endlech zu Mettes giess. Als Mettesiessen haaten mir lecker Kniddelen mat Äppelkompott an als Beilaag gouf ét nach eng gréng Zaloot. Wéi üblech hunn mir dann eis Chargen gemaach an vue-que dass mir eis Aufgaben schnell erfëllt hunn an ét ganz schéin Wieder wor, sinn mir een klengen Treppeltuer am Gebidd vun Techuana getréppelt. Op dem Trëppeltuer kruuten mir méi een Ableck op wéi ét op den Internationalen Techuana Campen war. Nom Trëppeltuer haaten mir e bëssen Temps-libre wou mir eis e bëssen entspaanen konnten. Am Nomëtteg waren mir nach an Thermen op Villach wou mer vun der Schwämm/Sauna profitéieren konnten. Wou mer zerèck am Home waren, gouf ét Zait fir Owesiessen waat eng Geméiszopp mat engem Wupp war. Dann hunn mir wéi èmmer, erém d'Chargen an eisen respektiven Patrullen gemaach an duerno konnt een dann entweder schon an d'Bett goën wann een wollt an wann nét ass een am lessensall bliwwen an huet séch mat Spiller an Geschwätz beschäftegt. **LIANA**



## MÉINDES

Wèi mir um 7h00 opgestaanen sinn, hu mir eis als èischt prett gemaach fir op d'Pisten. Nom Carré, Moieslessen hun déi vun der jeweileger Charge de Minibus gelueden mat den Skier, Material an der lesskëscht. Nodeems mir de Parking vun Gerlitzen ereecht hun, gouffen dèi 2 nei Ufänger an Gruppen opgedeelt wou dann den Justin & Liana hinnen gewisen hun wéi een am Ski débutéiert. No enger laanger Ski-Session moies hu mir dann Mëttes Schmieren gemaach an Nomëttes sinn mer wieder gefuer. Zum Enn vum Nomëtteg wollten mir eis zesummen mat der aanererEkippe an enger Hütt treffen, mee daat war eis dann aus zaitlechn Grënn an liichten Orientationsproblemer nét mèi gelongen (mir haaten së verpasst). Owes dann hu mir dann giess an sinn zimlech direkt no eisen Chargen an d'Bett gaangen. **MICHEL**

## DËNSCHDES

Dënsten moies sinn mir um 7 Auer op gestaan an dann haaten mir 30 Minuten fir eis prett ze maachen vir den Carré. Am Carré kruuten mir erklärt wou mir haut géifen hinfueren an daat war d'Turracher, eist Liiblings Skigebiet. Mir hunn dann schnell zu Moies geiess an Chargen gemaach an géint 11 waren mir dann prett fir den Bierg. Mir waren alleguer frou well ét zu Turrach riichtegen Schnéi gouf, nét wéi zu Gerlitzen. No dem ganzen Ski Gefuers, sinn mir dono um Réckwee direkt an d'Piscine zu Bad Kleinkirchheim gefuer, wou mir dann no baal 2 Stonnen eis nees dobaussen getraff hun fir heem an Techuana ze fueren. Owes hunn mir gudd geiess an schnell Chargen gemaach an dann sinn déi meeschtschloofen gaangen. **PATRICK**



**MËTTWOCHS** sinn mir wèi èmmer um 7 Auer op-gestaanen an hun eis schon fir op Pist fiirbereed an hun Schmieren giess. Mir sinn deen Daag nach 1x op Gerlitzen gefuer, well d'Wieder schlecht war an mer dèi Pisten schon kannt hun. Wèi mer dann zu Gerlitzen ukoumen, hun mer eis zimlech schnell färdeg gemaach an konnte lassfueren. Géint 4Auer hun mer eis dann op enger Hütt getraff mat der aanerer Ekipp an hun eppes zesummen gedronk /eppes klenges giess. Dono sinn mer eroof bei den Auto gefuer an sinn zerèck an Techuana gefuer wou mer virum lessen nach puer Spiller gespillt hun. D'Këisfondue war färdeg an mir hun eis zesummen èm d'Fonduesdëppen gesaat an hun ugefaangen mat iessen. Dono waren mir wèi baal all owend zimlech midd vum Ski fueren, sinn nach schnell Spull/Chargen maachen gaang an sinn schloofen gaangen. **MYLO**


**DONNESCHDES** Mir sinn um 7 Auer waakresch gemaach ginn, an hun all Müsli/Cornflakes & Landliebe giess. Dun hun mir eis alles prett gemaach fir Ski fueren ze goen. Mir sinn nämlech op de Katschberg gefuer, och nach Katschi gennant. Moies um Katschberg sinn de Patrick, Mylo, Lio, Michel, Liana & ech schnell gefuer (ouni eis Unfänger), mir sinn awer dofir leider bëssen ze spéit fir Mëtteslessen komm. Mëttes sinn mir dann mam Léa an dem Raphael mèi gemiddlech gefuer. Wéi all Daag um 4 Auer hun de Raphael & ech eis e Kaiserschmarrn gedeelt an natierlech mat den aaneren vun den aaneren Hütten verglach. Mir konnten mat vollem Stolz soën dass daat deen Beschten war wou mär haaten (keng Korinthen). Nët express ass enger Kellnerin e Béier aus der Hand gefall an ét ass Alles op de Raphael gaangen, wat ech zimlech witzeg fonnt hun: Wou mir deen Katschi-Express wollten huelen hun mer raus fonnt das deen letzten Bus schon um halwer 5 gefuer ass. Also missten mir mat eisen Ski'er bis op de Parking N°6 trëppelen. No deem flotten Daag sinn mir all nach op Villach an Schwämm/Sauna gaangen. Verschidden Lèit vun eis sinn just schwammen gaangen währendeems de Recht an Sauna gaangen ass. Den Aufguss war zimlech gut, mir haaten Apfel, Clementine, Mirabelle an Maracua als Doft, daat wor ganz interessant. Um 20:15 koumen mir all aus der Schwämm an sinn zerèck an Techuana gefuer. Wou mir zeréck waren hun mir nach gesongen an dun giess. Et goufen Rouladen an fir eis Vegetarier gouf ét Veggie Schnitzel mat Gromperen & Bounen. Dunn sinn d'Chargen nach gemaach ginn an mir sinn an Dortoiren gaangen. Ech hun nach e Buch geliess, no 5 Min waren mir och schon all um Schloofen. **EMMA**



**FREIDES** sinn mir wéi all moiен um 7 Auer opgestaanen. Am carré sinn mir dann gewuer ginn dat mir eisen leschten Daag op der Piste op der Turracher Höhe wärten verbréngen. Nodeems mir all gudd gefrühstückt haaten, hun mir eis op de Wee gemaach. Nodeems mir moies gudd gefuer sinn, hun mir eis op der Hütt getraff an hun eng kéier gudd vum leckeren lessen hei profitéiert. Wéinst engem klengen Zwëschefall sinn mir dann dono och schon direkt zerèck an den Home gefuer. Hei haaten mir lo méi Zait an manner Stress fir Alles schon ze raumen & ze paacken. Owes hun mir dann nach eng gudd Spaghetti giess, puer Spiller gespillt, mee sinn dun awer och glaich schloofen gaangen, well mer moies fir den Retour nees fréi opstoën missten. **LIO**

**SAMSTES** géint 5 Auer sinn mir opgestaanen an hun nach den leeschten Deel vum Material prett gema an gelueden. Dunn hu mir na fir den Techuana richteg oofzeschleissen den Fändel eroofgezunn an der Campingsplaz Äddi gesot. Mam Minibus, dem Auto an dem Unhänger ass et dann lassgaangen, zréck Richtung Home LBB. Mir sinn duerchgefuer bis ongeféier 9 Auer wou mir eng éisch Paus ageluecht hunn fir kennen Kaffi ze drénken. Direkt bei engem Séi (Chiemsee) hunn mir dann eis Metchen giess an de Kaffi gedronk. No weideren Stonnen Fahrt sinn mir dann géint 13 Auer rëm stoen bliwwen fir engersäits ze tanken an aanerersäits fir Mëttes ze iessen. Géint 20 Auer sinn mir dann schliisslech am Home zu Bouneweg ukomm! Direkt ass d' Material zreckgeraumt ginn an déi néideg Saachen fir d' Spull an d' Spullkiichen bruecht ginn. Obwuel den Daach usech net vill gemaach ginn ass, woren mir all Owes gutt dout an hunn eis op een gudden Buffet gefreet mat verschiddenen Schneekereien déi vum Techuana nach iwwerreech bliwwen sinn. Schlussendlech hunn mir den Owend nach mat enger Partie Jungle Speed auskléngen gelooss. **RAPHAEL**

**SONNDES** den leschte Sonnden si mir um 8 erwächt ginn an haaten eise Kaffi mat Brout a kaalen Pizzas. Dono hu mir d'Aarbëscht vun géschter weidergefouert. Mir hun eis Saache gepackt, d' Besteck an Dëppen gespultt an geraumt. Déi meeschten lessensreschter goufen gefruer an eisen Home gebotzt. Mir woren zimlech séier also haaten mer entscheid den RV eng hallef Stonn méi fréi ze maan. Zum Schluss hu mer "Schein nees adieu" "Chaine des adieux" gesong an hun de WanterTechuanaCamp oofgeschloss. **JUSTIN**



# RAPPORT RoverQuiz | ab ROVER (RO/TB)



# RAPPORT FNEL B.A. | CHEFFEN



## All Daag Eng BA - Lions Bleus maan mat

Ech sinn säit engem Mount erëm am Land, no deems ech vun ménger Uni an Holland fort gefuer sinn. Kuerz nodeems ech am Land ukomm sinn gouf vun der Fnél annoncéiert dass all Scoutsgrupp een Responsabelen fir een neien Solidaritéits-Projet vun der FNEL soll benennen. Desen Projet wor den: #All Daag eng B.A.

Ech hun nüt laang gezéckt an hun d'Responsabilitéit fir d'Koordination fir B.A. vun eisem Grupp iwwerholl. Mëttlerweil heescht daat dass ech all Moien als éischt Saach nom erwäischen op main Handy kucken op ét nei BA'en ze maachen gët, an waat ? Wien an wiem ech déi kann weider ginn aus eisem Grupp fir ze maan.

Elo 133 Bonne Action (an e puer méi mëttlerweil) méi spéit kann ech némmen soën dass ech ganz frou sinn dass mir als Cheffen, Comité an extern Benevoller sou villen Léit konnten bei hieren aldeeglegen Besoins hëllefen.

Mir woren an der ganzer Staat ännerwee fir Akaafen ze goën, mam Hond trëppelen ze goën, an d'Aptikt oder aaner Aufgaben fir déi vulnerabel Léit ze erleedegen.

Ëm esou wichteg ass och dowéinst elo als Scouten Solidaritéit ze beweisen an getrei eiser Devise "Ëmmer Bereet" dësen Léit ze hëllefen.

All déi BA'en ginn mat Fiirsicht gemaach, mir müssen eis un d'Consignen vun der Regierung haalen, wäschen eis d'Hänn an haalen selbst-verståndlech och den néidegen Oofstand.

Fir kuerz ze erklären wéi esou eng B.A. als gemeeschtert gëllt, hängt ét vun e puer Faktoren oof.

D'FNEL huet eng Zentral erriicht an déi vulnerabel Léit können dohinner uruffen an hier Aufgab oofginn.



# RAPPORT SORTIE | WËLLEFCHER (LX)



## Sortie Biodiversum\_7.03.2020

Um 9:40 trafen wir uns vor dem Biodiversum. Die Archeologin, die uns alles erklären wollte, konnte nicht kommen. So hatten wir Chantal und waren mehr in der Natur. Chantal war sehr nett und konnte viele Fragen beantworten. Neben dem Biodiversum waren da auch Bagerseen. Die Bagerseen waren in zwei Teile geteilt. Der eine Teil war ein Naturschutzgebiet, der andere Teil aber nicht. Wir sind wandern gegangen. Beim Wandern haben wir viele Vögel gesehen. Vögel die im Wasser leben aber auch die die in der Luft leben. Als wir mal eine Pause gemacht haben, haben wir den ersten Schmetterling gesehen. Er war ganz schön. In einer Hütte (Biodiversum) wo man Vögel, Enten, ... beobachten kann, haben wir unser Picknick (Mittagessen) gegessen. Danach sind wir noch ein bisschen gewandert. Wir haben ganz schöne Enten gesehen, die heißen Nilvögel. Wir haben aber auch Gänse, Enten, ... gesehen. Gegen 14:00 sind wir wieder zum Biodiversum zurück gegangen. Im Biodiversum bekamen die die wollten ein Quiz. In dem Quiz gab es Fragen wo man im ganzen Museum die Antworten fand. Im Museum gab es Menschen die Körbe und Vögelnester machten. Die Körbe und Vögelnester sind sehr schön wenn sie fertig sind. Um 16:00 sind unsere Eltern uns abholen gekommen. **Anna BRINSTER**

D'Wellefcher hunn den 07 Mäerz eng Natur-Sortie gemaach. Mir waren op Rëmerschen an den Biodiversum an sinn duerch den Bech an en Naturschutzgebitt getrëppelt. Mir kruten all en eegen Spektiv geléint fir d'Vullen ze kucken. Zweschen duerch kruten mir och Saachen wie d'Planzen an d'Villercher erkläert. Fir Mëtteg hunn mir an enger Hütt giess, an der een och op en Séi gesinn huet. No der Paus sinn mir dann wieder getrëppelt. Da sinn mir an den Biodiversum gaangen an hunn do fir eis d'Ausstellung ugekuckt an alles ausprobéiert. Mir kruten en Blat mat Froen an hunn d'Äntworten an der Ausstellung missen sichen. **Sophie THEISEN**



# RAPPORT FNEL B.A. | CHEFFEN



Doropshin gët dës "Commande" un déi respektiv Scoutsgruppen am Cartier oder an der Proximitéit vun der Persoun déi Hëllef braucht iwwert eisen Online System benoriichtegt.

Do kommen ech dann an d'Spill an kucken op ech déi B.A. selwer maachen kann, oder se weider ginn. Ech kontaktéieren eis aktiv Lions Bleus Memberen déi Hëllefen wëllen fir déi spezifësch BA dann ze iwwerhuelen. Dono gët B.A. dann gemaach an kann am System als gemeeschtert markéiert ginn.

Bis elo huet ét Jidderengem Freed gemaach den Léit ze hëllefen. Mir hëllefen all gären an maan eist Bescht, fir dës Krise am Beschten ze iwwerstoën, solidarësch.

Ech soën awer nach gären all deenen déi mat Hëllefen **MERCI** an sinn sécher dass mir genau sou gudd weider schaffen wärten...

Aleksis Piron



# RAPPORT G-Versammlung | GRUPP (GR)



## GruppenVersammlung, 19.09.2020

No laanger Zäit war ét dann endlech nees sou wäit! Dei éischt Versammlung sät der akuter Krisenzäit, den 19. September bei eis beim Home. Nodeems de Fändel erop gezunn a Jiddereen an eng Grupp angedeelt gouf, ass nach déi obligatoresch Gruppefoto gemaach ginn. Déi ganz Versammlung war am Thema 7 Weltmierer, mat ville verschiddenen Posten wéi beispielsweis den PiratenPosten wou zwee Piraten géint eneen gekämpft hun, e Posten wou d'Aufgaab wor d'Mier nees propper ze maachen oder z.B. den Waassertransport Posten. All Grupp huet eng Fläsch mat gefierftem Waasser kritt, waat dreckegt Waasser duerstellen sollt. No all Posten gouf als Belounung een bësse Pudder an d'Fläsch gemaach, waat d'Waasser esou lues a lues méi propper gemaach huet. Duerch d'Kooperatioun vun dem Sil (Souting in Luxembourg) mam Bäcker Fischer kruut dann och nach Jiddereen als Special eng Foulards Métsch als Collatioun. No all Posten wor d'Versammlung um 17:00 färdeg, Jiddereen wor frout nees déi aaner erëm gesinn ze hun an dono ass ét heem gaangen.  
**LARA**



# RAPPORT Montée | GRUPP (GR)

## GRUPPEN Montée

### Beaver:

D'Beaver hun sêch Samschdes den 3.Oktober virum Home Lions Bleus um 10 Auer getraff fir kënnen hier Montée ze maachen. Nom Schwanzklappen, hun mir eis all op den Wee gema fir op eis Montéesplaatz. Ënnerwee, kruuten d'Beaver d' Aufgab fir mat enger Poubellestut den Bësch propper ze maachen. Dëst soll symboliséieren dass een Beaver èmmer frou mat der Natur ass an keen Dreck leien léist! Géint 12 Auer sinn mir schliissläch ganz gemittlech op der Montéesplaatz ukomm, wou mir fir d' éischt mol all zesummen eisen Picknick ausgepaakt an giess hun. Nom lessen sinn mir direkt op den offiziellen Deel iwvergaangen, wou verschidden Beaver hieren Foulard kruten. Duerno sooten mir eisen groussen an aalen Beaverkollegen Äddi an déi mir dann op der Plaatz zeréck gelooss haaten fir dat Sie hier Montée an d' Wëllef konnten vollzéien.

Mat der neier Beavercolie, hun mir eis dann schliissläch rëm op den Wee gemaach fir Richtung Home. Do ukomm hun mir nach verschidden Spiller gespillt, befir d' Elteren hier Beaver um 15 Auer rëm mat Heem geholl hun.

### Grupp:

Nodeems d'Beaver an d' Wëllef hier Montée haaten an d' Kanner all Heem gaangen sinn, sinn d' Scouten an d' Explorer zeréckkomm vun hirem Trajet. Géint 19 Auer hun mir gudd Spaghetti mat Bolognese giess an hun eis no den Chargen lues an lues prett gemaach fir op d' Montée. Déi grouss Wëllefcher worn all ganz opgereegt fir kënnen an d' Scouten ze kommen. No der Montée hun d' Explorer sêch dann och op den Wee gemaach fir hiren Programm èmzesetzen.

Am nächsten Daag huet den Harry een lëschtegen Frühspor organiséiert deen och den letzten Scout waakreg gemaach huet. Duerno gouf et Cornflakes fir d' Moiesiessen. D'Scouten an Explorer hun nom lessen ugefaangen sêch ze organiséieren fir daat neit Scoutsjoér. Sief ét Patrullenimm iwwerleeën oder verschidden Aktivitéiten festleeën.

Géint 13 Auer ass dann dobaussen gegrillt ginn. Bis 15 Auer worn mir dunn beschäftegt mat Raumen an ronderëm dem Feier setzen fir d'Montée auskléngen ze loassen.

### HAWKY



# RAPPORT Montée | GRUPP (GR)

## Rapport vun der Montée vum 3 - 4 Oktober

(aus der Sicht vun engem deen d'Montée mécht)

De Samschden Nomëtteg um 18:00 ass ét lass gaangen, mir hun fir d'éischt mateneen e puer Spiller gemaach bis ét d'Owesiessen gouf. No dem Owesiessen (Spaghetti Bolognaise) hun mir dun eis Montée an d'Scouten gemaach. Waat mer genau gemaach hun dierf ech hei leider nüt schreiwen... Wéi mer den nächsten Moien erwäschte ginn sinn, waren mir schon Scouten. Als éischt hun mir eis ungedoën an dun gouf ét Moiesiessen (Muesli). Nodeems mir giess haaten, hun mir eis Saachen gepackt an hun se aus dem Dortoir bruecht. Dun hun mir eis een Patrullendéier & Kreesch iwwerluecht. Dono hun mir Holz bei d'Feierplaatz bruecht an hun d'Feier ugemaach, well mir Glous gebraucht hun fir d'Mëttagiessen. (Mettwurscht, a Grillwurscht). Nom Mëttagiessen hun mir nach puer Spiller gemaach bis eis Elteren eis um 4 Auer sichen komm sinn.

Kayan Helminger

## PHOTOS ViizWeekend | ab SCOUTEN(SG/EX)



# RAPPORT Retro | CORSU 2010

No 10 Joërl war et 2010 erëm esouwäit, de Lions Bleus hieren grousse Summercamp stoung virun der Dier. Fir dës Editioun hu mer ons och erëm fir een südlécht Land entscheed, d'Corse. Ganzer 3 Wochen ware mer zesummen énnerwee, daat den 30. Juli ugefaangen huet.

6 Scouten, 6 Explorer, 6 Rover a 12 Cheffen hun d'Reess ugetrueden fir en emolegen Camp ze erliewen. An daat war de Fall, um Camp war eng excellent Stëmmung wou vill gelaach a gegeckst ginn ass. D'Kitchen-equipe haat natirlech do och e Wuert matgeschwaat, wëll si hun ons mat deenen bëschten Plaat'en verwinnt. Um Programm vum Camp stinn niewt dem Zesummenliewen am Grupp an Harmonie mat der Ëmwëlt, ganz flott Aktivitéiten. Um Camp haaten mer och Kontakt mat der geschwatener Presse "RTL", wou mér émmer Méindes, Mëttwochs a Freides um 13h15 Auer um Radio geschwaat hun. Mir hun den Nolauschter probéiert ons Erliefnisser méi no ze bréngen. All Daag présentiert sëch an animéiert d'Campliewen mat villen Visiten, Biergtouren, Schwammen an Schnorchlen. Wëll mer baal all 2.Dag op enger aanerer Plaatz waren missten mer de Camp émmer oofbauen an Owes erëm opbauen.

No 3 Wochen ass daat awer richteg schnëll gaangen, dono wosst jiddereen wou én eng Hand misst upaacken. Den zweet letzten Owend an der Corse hun mer op engem Camping direkt um Mier verbruert. Deen Owend hun mer eng kleng Clôture vum Camp gema wou mer eng gudd Paella vun onsem Kach servéiert krut hun an owes hun mer a Form vun mënschlechen Dias de Réckbléck vum Camp gema.

## LES LIONS BLEUS BONNEVOIE

Asbl.  
Scouts et Guides de Bonnevoie  
(affiliés à la F.N.E.L.)




Léider ass d'Zäit an der Corse ganz séier verflunn an mir sinn nees den 21. August allegueren gesond a monter zu Bouneweg ukomm.

Mir freen eis awer och elo schon op deen nächsten groussen Summercamp vun den Lions Bleus...


# LEO LEIF




Selbstgemachte Plätzchen zu Weihnachten. Hmm, lecker! Findest du die zehn Fehler, die im unteren Bild mit aus dem Ofen geholt wurden?



$$\begin{array}{rcl} \text{pineapple} & + & \text{pineapple} & + & \text{pineapple} = \text{strawberry} \\ \text{strawberry} & \times & 1 & = & \text{grapes} \\ \text{grapes} & + & \text{grapes} & = & 24 \\ \text{apple} & + & \text{pineapple} & = & 6 \\ \text{grapes} & + & \text{strawberry} & + & \text{apple} = ? \end{array}$$



# LIONS BLEUS NEWS



## POSTKAARTEN fir LBB

Fiirs du demnächst an Vakanz...  
an wëlls den Lions Bleus gär eng flott  
Postkaart schècken?  
Dann zéck nüt laang an schèck së op:  
**Les Lions Bleus BP 23 L-5801 Hesperange**  
Mir gëifen eis jidderfalls freen an së an der  
nächster Wandrous publizéieren.  
Also e Grond mèi >fir eng Vakanz :):):)



# WOSM & FNEL NEWS



**FNEL SCOUTS-SHOP**  
**Adresse:**  
61A, rue de Trèves  
L-2630 Cents  
Tel: 26 48 04 50

Ouvertures:  
**17:00 - 19:00**  
Den ScoutsShop ass  
ëmmer Donneschdes  
op, ausser während  
den Schoulvakanz!

10.01.2020	EX KalorienCountdown
16.- 17.01.2021	Tronc Commun
23.-24.01.2021	Tronc Commun
23.01.2021	TB Mr.X
06.-07.02.2021	Bosses et Bobos
11.02.2021	Réunion semestrielle
27.02.2021	RO Quiz
09.03.2021	RO KeelenTournoi
13.- 14.03.2021	Bosses et Bobos
17.03.2021	Co Gro
20.03.2021	SG Explor - Actionbound
10.- 13.04.2021	1.Klass & EX Brevet
24.-25.04.2021	Bosses et Bobos
24.-25.04.2021	LX Sixplor
24.-25.04.2021	MasterClass
08.05.2021	EX Raid

## ET SCHÉNGT ...

- 01)wéi wann LBB een Opruff gestart haaten punkto ,LBB goes Paperless' fir mat guddem Beispill firzegoen.  
02)dat eis Assemblée générale den 25.Januar 20 och nees dës Joér gudd besicht wor vun Elteren&Frénn.  
03)dat den Atra den Gruppenfändel op der AG offiziell un dëi nei Gruppencheffen iwverreecht hätt.  
04)dat op der BaackAktion richteg gudd geschafft gouf an flaisseg Fuesbulen/Kichelcher gebaack goufen.  
05)wéi wann MIR fir déi 1. kéier Richtung Techuana op den Wantercamp gefuer sinn an den Hopfi nüt wor.  
06)dat an Techuana um Campsite leider absolut keen Schnéi loung, zeguer Brandwarnung erhuewen gouf.  
07)wèi wann mir dës Editiou vum FNEL RoverQuiz organiséiert hun, well mer déi Letzt gewonnen haaten.  
08)dat de RQ super vill Spaass gemeet huet fir Jiddereen deen do wor an fir eis wèi een LB Conveniat wor.  
09)dat eisen Nékkel, no séngen Studien, Familienbetrieb iwverhuelen elo een weideren Challenge huet.  
10)wèi mir nach 1 Aktion vu Sylvester afällt wou Kippfénster baigezunn gouf an mir um Balkon stoungen.  
11)dat bei den Lions Bleus den Dicash groussen Uklang fonnt huet, virunallem fir lessens-Commanden.  
12)wèi wann eis ancien Chef/momentan Studenten émmer nees gär laanscht luussen&hëllefen kommen.  
13)wèi wann de ganzen CORONA Virus e Riesen Impakt op den norm.Daages/Wochen&eisen Ooflaaf hätt.  
14)dat Scouten sëch nüt esou schnell énnerbotteren losseen, an den Léit an dëser schwéierer Zäit baistinn.  
15)dat de Pow-Wow dës Joér um Misärshaff oofleeft an vun der Misärshaff-Ekipp & FNEL organiséiert gët.  
16)dat FNEL weider um Plangen ass fir denCamp fédéral, dësen awer op nächsten Summer verluecht gouf  
17)wèi wann leider den gréissten Deel vun eisen Aktivitéiten émmer geplangt a verworf hun missen ginn.  
18)dat den Kleeschen dës Joér leider nüt konnt an Polvermillen bei Blo Léiwen laanscht konnt kommen.  
19)wéi wann och dofir an dëser Wandrous némmen grouss Aktivitéiten ausgeschriwwen ginn sinn.  
20)dat mer no éischtem Optimismus de GroussenSummerCamp20 hun missen cancellen wéint CORONA...  
21)...  
22)...  
23)...

## ET SCHÉNGT NËT NËMMEN ...

- 01)dat nach eng Rei Léit hier Souche wgl kennen eranschécken, Infos fann der an der letzter Wandrous.  
02)dat déi jonk daat gerockt hun, Kanner eis verwinnt an mir eis dono beim Patt gudd ausgetosch hun.  
03)wèi wann ét lo un hinnen 3 wier, fir mat neiem Wand&neien Ideen de Grupp weider & no fiir ze bréngen.  
04)wéi wann nüt gepaust gouf an ét sëch richteg gelount haat & dat mer ém dëi 2000 Bullen gebaack hun.  
05)dat daat komesch wor, well all 2.Saatz ugefaangen huet: Géi kuck mol beim Hopfi am Schapp, Shop...  
06)dat mer dofir mèi hèisch op Bierger hun missen fueren fir optimal Schnéikonditiounen kennen ze hun  
07)dat MIR daat mat voller LB Power gemaach hun an och eis Studenten aus dem Ausland dobai worn.  
08)wèi wann Mamer Wiselen vill Spaas haaten & am flaissegsten wornen an sou de RO-Quiz gewonnen hun.  
09)dat hien ab Mee nüt némmen Respo ass fir sëch/séng Fra, mee och fir e klenge Butz iwverhuelen wärt.  
10)dat mir bei zouener Fénster stoungen,Balkon roofklamme misste,zur fichter Dier eran fir Fénster opzemaan.  
11)wèi wann daat awer nach nüt Jiddereen kennt, mee Paco awer virum Max sain 1.Dicash gemeet hätt ??  
12)dat eng Wiener Studentin, falls ét séng Examen hei zu Lëtz. packt, nees eng Hand mat upaucken këim.  
13)dat mir leider gezwongen wornen eis Aktivitéiten anzestellen fir är & eis Sécherheet an Gesondheet.  
14)dat mir nom Opruff vun der FNEL matgemaach hun bei der Aktion ,Eng B.A. den Daag'  
15)wèi wann schon geplangt gët, an eis dann am Juli anlueden an dëi verschidden Zaitzonen anzetauchen.  
16)wèi wann de Camp fédéral an Schweden stattfannen soll an dës vun Mëtt Juli bis ugangs August 2022.  
17)dat eis CheffenEkipp sëch nüt énnerkréien léisst, super motivéiert ass émmer nees nei Saachen plangt.  
18)wèi wann hien d'Saachen oofginn haat am Home bei de Cheffen & Sie als Wichtelcher Alles verdeelt hun  
19)dat mer déi nei Mesuren oofwaarden bis Mett Januar iir mer weider Aktivitéiten an Programm fixéieren.  
20)wéi wann mer ét dann dësen Summer na 1x riskéieren wëllen an den CORSU20 eng 2.Kéier lancéieren.  
21)...  
22)...  
23)...

## LES AMIS DES LIONS BLEUS

M.Schintgen Claude, Goebbels Joanne, Melle Meyer Arlette, MM Majerus Tina, Mchale Evelyne/Drennan, MM Fay-Bisdorf, M.Sinner Robert, Fam.Klein-Schmit, Anonyme, MM Majerus Patrick, MME Federmeyer Berthe, M.Grin Joe, M.Rohmer Kevin, MM Heinen Gerard, Thibo Charles, Famille Reiners, Fam.Zimer, Fam.Engel, M.Minn Claude, Fam.Theisen/Jhang Katia, Anonyme TS, Fam.Hebeler-Simon, Fam.Konsbrück-Droulans, Fam.Rod-Keller,...

# ALLERLÄSCHT WANDROUS - SÄIT



fnrl  
scouts & guides



Léiw Blo Léiwen...  
Haalt ierch wgl weiderhin un  
c'Mesuren an doot är Mask un,  
wäscht är Hänn & haalt Oofstand,  
sou wéi mir :)



\* THAT'S ALL FOLKS ...